N° 7145
Entrée le 09.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.11.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 9. November 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsmininster weiderzeleeden.

Et ass evident, datt den Astuerz vum Tunnel Schieburg fir vill Leit aus dem Norde vum Land mat katastrophale Konsequenze verbonnen ass, wat d'Reesen, notamment och op d'Schaff an an d'Schoul ugeet. Et ass keng Ausnam, datt Leit all Dag bis zu fënnef Stonnen am ëffentlechen Transport musse verbréngen. Nodeems och vun offizieller Säit ënnerschiddlech Aussoen doriwwer zirkuléieren, wéini d'Streck erëm wäert opgoen, erginn sech fir déi Betraffen natierlech eng Rei Froen, wou d'Aarbechten aktuell dru sinn.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un d'Regierung:

- Wou sinn d'Aarbechten aktuell konkret drun a wéini kënnen déi Betraffen domat rechnen, datt d'Streck nees opgeet?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten